

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.

Am Tageblatt vum 2. Februar konnt ee liesen, datt ronn 41 Prozent vun de Staatsvertrieder a Verwaltungsréit vun ëffentlechen Ariichtunge Frae sinn. An Ärer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3590 zu genau dësem Sujet, huet d'Madamm Minister geschriwwen, datt d'Fraen 31,41 % vun de Staatsvertrieder a Verwaltungsréit vun de Betriber, an deenen de Staat vertrueden ass, ausmaachen.

An deem Kontext wéilt ech d'Madamm Minister gär froen:

1. Wéi vill Sëtz maachen 100% vun de Staatsvertrieder a Verwaltungsréit vun de Betriber, an deenen de Staat vertrueden ass, aus?
2. Ginn et Persounen, déi gläichzäiteg an e puer Verwaltungsréit sëtzen?
3. Wéi vill verschidde männlech Persounen hunn e Sëtz als Staatsvertrieder a Verwaltungsréit vun de Betriber, an deenen de Staat vertrueden ass?
4. Wéi vill verschidde weiblech Persounen hunn e Sëtz als Staatsvertrieder a Verwaltungsréit vun de Betriber, an deenen de Staat vertrueden ass?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten